

„Hutt der keng Mënz?“

Als Kand sinn ech bal all Dag vum Belair duurch de Park an d'Avenue Monterey bis an d'Stad komm. Di Belairer Kanner sinn deemools jo an d'Aldrënger Schoul gaangen, déi do stoung wou haut d'Bussen virum Centre Aldrëngen halen. Di Belairer Schoul war nämlech vun der Wehrmacht a Beschlag geholl ginn, an duerno vun der amerikanescher Arméi. Am Park sinn ech all Kéier laanscht dee Pissoir komm, deen do no beim Trottoir tëschend dem Gestreich stoung. „Géi dohem op d'Toilette hate méng Eltere mer ageschäerft. Souwisou, de Pissoir huet mech net ugezunn, hien ass mer ëmmer e bëssen onheemlech virkomm. Ech war zwar eemol dra virwëtzen, awer dee schaarfen Ammoniakgeroch huet mech definitiv ofgeschreckt. Well ech méng Vakanzen ëmmer um Land bei méng Grousselteren om Duerf gewinnt war ze verbréngen, konnt ech souwisou net verstoen, wisou een an engem Park mat esou vill Getreisch a Beem konnt an esou e sténkeche Pissoir goen. Haut weess ech natierlech, datt dat onméiglech Zoustänn wäeren, wann hannert all Bam a Strauch ee géif am Park séng Nout verrichten.

Spéider hunn ech erausfond, datt dee Pissoir eng Rendez-vous-Plaz fir eng bestëmmte Clientell war. Eemol hat esouguer ee ganz grouss di zwee Buchstaven op d'Häische gesprayt. Dat sollt wuel keng Reklamm sinn, mee éischter sollt de Geck mat deene Leit gemaach ginn. Dee Pissoir ass haut ofgerappt, an elo steet do e schmockt Häischen, dat als Entrée fir an de Parking Monterey déngt.

Och soss huet sech vill gemaach op dem Gebitt vun der Stad Lëtzebuerg. Et sinn elo 9 Pissoiren do, déi vu muerges bis owes matt enger Damm besat sinn, déi do fir Uerdnung a Propretéit suergt. Dee meescht besichten dovun ass wuel de Pissoir am Centre Aldrëngen. Mee och di aner hunn eng grouss Zuel vu Clienten, méi wéi een dat esou

mengt. Duurch d'ganz Staat fënnt een se: bei der Gëlle Frau, ënnert dem Knuedler, ënnert dem Cercle, bei der Passerelle, op der Fouerplaz um Glacis. Awer och nach eng Partie Sanisetten stinn dorëmmer. Op der Paräisser Plaz, beim Viaduc, zu Märel am Park, an der Péitrus beim Golf an nach op enger Parti Plazen.

Om Knuedler hunn am Joer 2001, an der Oktav, 8124 Leit de Pissoir ënnert der Wëllemsplaz an Anspruch geholl. Bei der Gëlle Frau waren am Mee 2001 10161 Leit gezielt ginn, an de Juli waren et der esouguer 13138 gewiescht. Meescht wuel Touristen. Also e wertvollen Déngscht fir déi vill Touristen, déi eis Stad mam Bus besiche kommen.

50 Cents kascht et op de Kapp fir hei an aller Rou op enger gutt gehëtzt a propperer Plaz séngem Geschäft nogoe kënnen ze goen. Kee Verglach matt deene rëffeche Plazen, wéi een se nach op verschiddenen Autobunnen fanne kann an och nach vill méi propper wéi a ville Caféen a Restaurants. Mee deen halwen Euro schéngt dach fir eenzelner ze deier ze sinn, an dat ass och dee Punkt, wou d'Surveillante vun de WC publics – wéi se offiziell genannt ginn –, a Konflikt matt dësem oder deem Client geroden. „Mir

kënnen dach net derfir“ müssen si sech heiandsdo erausrüden. Wann emol ee frech gëtt a matt vernennen ufängt, da seet d'Surveillante: „Wenn ich in Ihr Land komme muss ich auch zahlen, Ausserdeem bezahlen Sie ja dort den Kaffee und die Zigaretten doppelt so teuer,“ an da gi se meeschtens kleng bei. Déi Zäit wéi si d'Mark nach haten, hu si méi oft gemault. Haut huet dat sech zimlech ginn. Et sinn der awer och nach, déi Expresseckeete maachen, well se musse bezuelen, si pinkelen niewt de Komp oder si verschmiren d'Mauern oder si stëppelen esouguer e Rulo Toilettepabeier an den Offloss, an da muss den Hygieneschént kommen fir de Kanal erëm opzemaachen. An der Oktave waren souguer scho Poppen oder Petzien an d'Toilette gestach ginn, fir alles ze verstopen.

„Dat Schwéierst an eise Beruff ass, datt mer musse Frechheeten astiechen, wa mer derfir suergen, datt bei enger Grupp net een deem aneren d'Klensch an de Grapp dréckt. Mee dat stoppe mir awer.“

An da sinn di ganz schlaue, déi matt engem Honnert-Euro-Schäin ugeréckt kommen a gäer Mënz hätten. „Et gëtt Gruppen, wou deen éischten et esou probéiert, a wann ech deen da natierlech net wiessele kann, an hien en esou an d'Kabinn loosse – well et kann een d'Leit jo net esou goe loosse – dann huet de Rescht vun der Grupp natierlech och nëmme déck Schäiner an der Täsch. Dat geet jo awer net.“

Eng Surveillante erzielt wéi et alt emol goe kann: „Virun zwee Joer koum och ee fir 50 Euro gewiesselt ze kréien, du hunn ech zu him gesot: Hunn ech *Bank* op ménger Stir stoen, dobaussen si genuch Banken fir gewiesselt ze kréien. Do zitt deen d'Fauscht. Hien hat gemengt hie kënnt mer eng técken.



Avenue Monterey, entrée du Parc municipal



Avenue de la Porte Neuve
entrée du Parc municipal

Ech hat mech awer gezunn. Du huet e mech zwar net geroden, ech hat mer awer wéi gedoen um Eck vun der Dir. An hie war matt der Fauscht widdert d'Rumm vun der Dir gaangen. Dat war du séng Affaire, well ech war jo net frech matt him. Ech hat deen éischte Moment gemengt e wéllt Mënz hunn fir den automatesche Parking, Dofir sëtzt jo do e Caissier, a mir sinn net dofir do."

Ech schwätze matt enger Cliente, enger Chinesin, si kënn awer net aus China, mee vu Boston. Ech froe se, ob hei en Énnerscheid matt hinnen wir. Si seet, bei hinnen wärend di öffentlech Toiletten zwar gratis, et wärend awer bal keng do. Jo, an eis Stad wir really pretty, a wou e gudd Fëschrestaurant wier?

"An da sinn der och, déi kënnen laang Fangere maachen, haaptsächlech an der Saison, wann se um Camping leien. Déi sinn sech ze schued fir hir Ruloe kafen ze goen. Egal ob wéi eng öffentlech Toilett se kommen, si huelen dann de Rulo matt, egal ob nach vill drop ass oder net. A mir ginn da vun eisem Chef vernannt, wa vill Ruloe bestallt ginn, well di Ruloe verschwannen méi séier wéi ee kucke kann."

Eng Surveillante beklot sech iwwert d'Asiaten. "Si paken oft schon an der Dir aus, wat auszepaken ass, si späitzen op de Buedem oder un d'Diren. Ob dat esou an hirem Land de Brauch ass? An d'Chinese stellen sech op de Komp fir vun uewen erof ze pissen. Ennert der Dir gesidd der da keng Féiss méi. Mir hunn eng Zäit dofir schrecklech vill nei Kabinetsdeckkele gebraucht, well déi sinn da gerass. Eng Damm matt décke Been hat sech sugger eng Kéier de Speck an sou engem gerassenen Deckel gequëtscht, deen nach net ersat war. Si huet fiirchterlech Kreesch gedoen. Lo hu mer méi en zolitte Modell vun Deckel, an déi halen duer."

E puer Pissieren si jo ënneriirdesch ugeluecht an ech gouf d'läsch Zeien, wéi esou een huet missen duerhalen fir en däitschen Tourist bei d'Lisette ze loos. Do

freet jo een op der Theaterplaz, e Mann deen do laanscht koum, wéi hien am schnellsten op d'Gare kéim. „Ach, zum Bahnhof, da nehmen Sie doch am besten die Untergrundbahn“, an hien huet op de Pissoir op der Theaterplaz gewisen. Den Tourist wäert sech gewonnert hunn, wéi hien do d'Trapen ofgoe wollt, an nëmmen e Parking an e Pissoir public fond huet. Keng Reklamm fir Lëtzebuerg!

Di meescht Surveillanten hunn sech eng Philosophi zougeluecht fir ëmmer frëndlech ze bleiwen. „Et sinn der déi wësse net wéi se sech sollen dréinen a kéieren fir Frechheeten erauszekréien. Ech ignoréieren se ganz, ech loosse mech net provozéieren, well dat bréngt et net.“

Wa gréisser Zwëschefäll sinn, da krute si geroden, hir Dir zouzespären an dann um Büro oder bei der Police unzeruffen. Eng Zäit ware besonnesch um Parking Aldringen grouss Problemer matt den Drogéierten. „Eng Zäit konnte mer d'Dir net oplösen, wéinst dem Gestank vum Cannabis. Wa mer

owends heem gaange sinn, hate mer e Kapp esou. Vun datt se do méi staark kontrolléieren a matt den Honn derduerch ginn, ass et vill méi roueg ginn.“

Wéi virun dräi Wochen eng Messerpickerei am Centre Aldringen war tëschen zwee Drogenhändler haten d'Leit d'Polizei ugeruff, a vum Sträit haten d'Surveillanten nëmmen d'Kreesch nach matkritt.

Et ass elo méi roueg ginn. Hei an do vergësst emol een ze zéien. Et seet och mol nach heiansdo een: „Seid doch nicht so streng. Schaut doch einmal durch die Finger“. Et sinn och mol nach jong Fraen, déi sech opregen, well d'Häre gratis pisse goe kënnen, ouni eng Kabinn ze benotzen. Sou eng Ongerechtegkeet! Mä am grouse Ganzen sinn d'Toilettefraen awer ganz zefridden matt hirem Beruf. Wann net ze vill Betrieb ass, fënnt di eng oder aner och emol en Ament fir Kreuzworträtselen ze maachen – an dobäi entgeet hinnen awer neischt, well si huelen hire Beruf eescht. An d'Clienten sinn och zefridden, well méi wéi ee schubst, trotz de 50 Cents Taxe, nach e klengt Dréngeld an di Schësselchen, déi do an der Guichetsfëensterche steet.

Pol Tousch

Route d'Esch, près de l'Eglise à Hollerich



Avenue Victor Hugo / rue Henri VII